BUDGET 2019:

Gemengerot VdL 07.12.2018
Intervention Claudie Reyland

ENVIRONNEMENT:

Mir hun seit 10 Joer en PLAN D'ACTION ENVIRONNEMENTAL den als Outil soll genotzt gin fir eng efficace an nohalteg Emweltpolitik hei an der Stadt emzesetzen. Dé Rapport begreift all Parameteren die mat Emweltfroen zesummenhänken; z.B. Energieconsommatioun vun eiser ganzer Flotte vun Gefierer, Bussen, Biodiversitéit, wivill m² öffentlech Gebeier no Emweltcritèren ewéi passiv oder basse Energie gebaut sin gin.
Desen Rapport huet all déi Resultater synthetesch an engem énzegen Dokument présentéiert. Dat huet eis erlabt e richtegen Monitoring vun der Emweltsituation an eiser Gemeng ze machen. Wou kommen mir gudd virun? Wou ass nach Handlungsbedarf an der Emsetzung vun der Emweltpolitik? All Joer guff é Rapport environnemental gemach dén och an der Emweltkommissioun virgestallt an diskutéiert guff. Och hei am Gemengerot.
Dén Outil bestét seit 2007. 2018 hun mir guer neischt dovun héieren; dé Rapport guff net an senger aktualiséierter Versioun an der Kommissioun virgestallt. D'ailleurs woren Réuniounen vun der Emweltkommissioun „denrées très rares“ am Joer 2018. Desen Rapport ass och net an der Déclaration échevinale citéiert... Hudd dir dat Instrument opgin? En Instrument dat dach hei bannen vun all de Fraktiounen gedroen gin ass! Wann jo, dann setzen mer an engem Flieger dé kén Navigatiounssystem méi huet!
Wéi ass et mam KLIMAPAKT dé jo och an den Emweltaktiounsplang integréiert guff? Wou sin mer drun mat der energetescher Sanéierung vun eisen Gebeier? Am Rapport vum Service Energie kann é liesen dat mir do e groussen Retard hun (S.16, Rapport annexe). Mir wieren frou ze wessen wéi et do weidergét, speziell wann mer eis Ân op Katowice richten, wou all di Responsabel vun deser Welt sech treffen fir ze diskutéieren wéi et mam Klimawandel stét,wéi de Klimawandel ennerbonnen kann gin. Mir mussen och als Gemeng eisen Beitrag machen fir de Klimawandel ze stoppen. LOKAL agéieren. Wëll die aktuell Majoritéit nach hiren Beitrag machen fir de Klimawandel mat hellefen ze stoppen? Mir hun d'Gefill dat di heiten Koalitioun di do Aufgaben négligéiert.
Ech verweisen op en Artikel aus dem Wort vum 15/11/18: d'Stadt Esch kritt déi höchsten Auszéchnung beim European Energy Award. Wou sin mir an dém Kontext?
Benotzung vun der SOLARENERGIE: Bierger sin encouragéiert fir PV (photovoltaïque) an ThS (thermosolaire) Anlagen (fir warmt Wasser ze machen) op hiren Dach ze installéieren. De Solarkadaster ass den Outil dén dozou soll beidroen. Autorisatioun vun der Gemeng misst virleien fir esou eng Anlag op den privaten Dach opzerichten. An der Déclaration échevinale stét dat de CE giff Campagne machen fir de grand Public ze sensibiliséieren. Do ass och neischt geschitt.
Froo: Wivill sou Demanden sin 2017 an 2018 gemach gin? An der DE stét dat „des collecteurs d'énergie solaire et panneaux photovoltaïques seront mis en place plus sysytématiquement sur les toits des écoles“ (esou zB. Um Dach vun der école fondamentale zu Bounewég 2015). Wivill PV-Anlagen sin an dénen leschten Joren op öffentlechen Gebeier an der Stadt opgericht gin?
E puer Wuert zur LOFTQUALITEIT: Do gin permamnent Miessungen vum Environnement gemach an zwar op eisen wichtegsten Verkéiersaxen. Wat sin do d'Resultater a wou sin déi Platzen wou d'Loftqualitéit schlecht ass an net conform zu eiser Gesetzesgebung? Wessen mir wou mer können verbesseren?
Dann de RECYCLAGE. Mir begréissen dat e neien Centre de Recyclage soll gebaut gin, mais och do fehlt et eis un konkreten Mesuren an Zieler fir net nemmen esou vill ewéi méigelech ze recycléieren, mais och den Ôffall ze REDUZEIEREN!
Bis 2020 wellen mer op 50% Recyclage sin, bis 2030 op 70%...dat ass ambitiéis! Recycléieren misst méi attraktiv gin, recycléieren muss Spass machen! Dest kinnt verbessert gin andéms an de Wunnengen, an de Résidencen méi mi kleng Poubellen wieren, Poubellen wou den Tri méi einfach ass. Och am öffentlechen Raum missten méi Dreckskeschten opgestallt gin wou direkt kinnt triéiert

gin. Wéi consequent get d'Uwendung vun réutilisabelen Becheren, Telleren, Besteck bei öffentlechen Veranstaltungen duerchgeféiert? Mir kinnten eis z.B och virstellen e Pilotprojet an der Stadt ze lancéieren wou mer giffen de „Coffee-to-go“ op Pfandbehälter emstellen.
Mir begréissen dat d'RENATUREIERUNG vun der Péitruss gudd virungét...wéi ass et mat der Renaturéierung vun âneren Wasserléf an der Stadt? Renuturéierung ass immens wichteg fir Iwerschwemmungen ze vermeiden, fir d'Biodiversitéit ze erhalen an ze férderen, fir Fauna a Flora ze schützen.
GEMEINSCHAFTSGÄRT sin e groussen Succès an et ass eng grouss Demande. Et beliewt d'Quartieren, fördert d'Cohésion sociale, get eis lokal Produiten, ass instruktiv fir Grouss a Kleng. Kaltreis, Paffendall,...sin nach nei Gemeinschaftsgärt geplangt? An wann jo, wou an wivill?

KULTUR:

Kultur de Leit méi no brengen““Un important facteur d'intégration et de cohésion sociale“. Ech giff nach méi wiet goen: Accès un d'Kultur ass e Menschenrecht!
An dém Kader well ech nach emol d'Ârbecht déi am CONSERVATOIRE gemach get ervirhiewen...do get esou muenches a Bewegung gesat fir des Konscht de Menschen méi no ze brengen an méi accessibel ze machen fir jidderén.
D'Konscht méi no bei d'Leit brengen, also...?!Jo! Mais net egal wéi!
Ech denken do un e Projet dén mer Suergen mecht. „Fresh Windows“, 50000 euros.Do sollen Konschtwierker aus dem MUDAM an Vitrinen vun verschiddenen Commercen an der Stadt ausgestallt gin. Wat fir eng Commercen sollen dat sin? Kanner, Schoulklassen sollen ab und zu Guide sin fir duerch des Ausstellung ze féieren. Ech muss mech schudderen wann ech Kanner a Konscht giffen „benotzt“ gin fir Piblicitéit an Marketing ze machen.Ech muss leider un dén decken Auto denken dén virun der Philharmonie stét...
De KULTURPASS soll eiser Ménung no vill méi oft ausgestallt gin an d'Procédure an d'Critèren fir en ze kréien missten eiser Ménung no op de Leescht geholl gin. En ass iwer de Office social 4x vergin gin...ass dat net en Zéchen dat do eppes net funktionnéiert. Wann eng 4 käppeg Famill an d'Rotonden an e Spectacle gét an eventuell och nach eppes well drenken, ass se facilement 100 euros lass.Dat sin vill Suen fir Leit mat enger bescheidener Paie an eventuell net eligibel wieren fir de Kulturpass...dann gin se eben NET an den Theater!
D'Entréen vun de Muséen brengen 168000 Euros eran. Wier d'Gratuitéit vun de Muséen net och e Moyen de Leit d'Konscht méi no ze brengen? Dest ass eng interessant Débatte an England (https://www.theguardian.com/culture/2015/jul/24/free-museum-entry-enriches-our-culture).
An England sin d'Muséen seit 2001 gratis an dat spigelt sech an de Besucherzuelen erem. Definitiv e gudden Moyen Grouss a Kleng an de Musée ze kréien. Et ass do och esou dat mettlerweil zu de Gewunnegten vun de Leit gehéiert an de Musée ze goen; esou ewéi én an de Park gét, gét én och an de Musée. No 10 Joer sin 51% méi Visiteuren mat gratis Entrée!
(https://www.nationalmuseums.org.uk/what-we-do/encouraging_investment/free-admission).
Mir fannen och dat a punkto Kultur d'VdL vill zevill em sech selwer dréint (z.B. dierf de Luxfilmfestival net ausserhalb vun de Grenzen vun der Stadt operéieren).
Firwat sin déi sellegen Asblen déi an der Stadt baséiert sin (ewéi z.B. Maskenada, Openscreen, Canopée, asw...) net ernimmt, weder am Budget nach am CutyMag?
Et sin esou Asblen déi DIREKT an den Zentren vun de Quartieren aktiv sin. ZB Maskenada mat hirem Steck PLAN (g9B zu Bouneweg an hiren Projet D'KAZ AM SAC zu Woltz. Si können direkten Accès un d'Kultur liweren, do wou di grouss Entitéiten net können kommen. Mais dofir mussen se finanziell ennerstetzt gin! An si gin DOHIN wou se Ennerstetzung kréien!
Den herben Verloscht vum HARIKO zu Bouneweg wärt e grousst Lach an d'Alldagsliewen vun de Stadter Leit rappen. Können mir et eis wirkelech léschten an der heiteger Zeit,mat den Défien déi d'Stadt mat hirem héigen Auslännerundél an héigen Undél vun Nouveaux Arrivants an Réfugiéen huet, eng Entitéit déi virun allem um Niveau vun der Integratioun, vum Dialog an vun der Rencontre geschafft huet, an dat an engem finanziellen Rahmen dén a kengem Verhältnis mat „Fresh Windows“ steet, an awer en direkten Impakt op d'Liewensqualitéit vun de Stadter Bewunner hat ze verléieren? NEN, mir können net! Dofir mussen onbedengt des Initiativen sans but lucratif proaktiv ennerstetzt gin!

EGALITE FEMMES/HOMMES:

Mir kruten virun e puer Wochen de PLAN D'ACTION EGALITE virgestallt. D'VdL huet d'Charte européenne pour l'Egalité des Femmes et des Hommes dans la vie locale ennerschriwen, déi sech ewéi e Fil conducteur duerch dé ganzen Plan d'action zitt. Mir begréissen dat an droen dat selbstverständlech mat.
Et get an desem Rapport vun der Commission des Finances, du contrôle de l'exécution budgétaire et du patrimoine vun villen Zuelen, villen Milliounen, villen Projeten geschwat... net an enger ENZEGER Zeil, léif Kolleginnen an Kollegen, get an desem Text d'EGALITE FEMMES/HOMMES och nemmen erwähnt...ech lôssen iech do är Conclusiounen selwer zéihen...